PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Finanzen weiderzeleeden.

Een Artikel op der Plattform *heise.de* vum 7te Juli beriicht vun engem Bitcoinautomate vun der *Volksbank Bayern Mitte* an Däitschland. De Kryptowärungsautomat vum Ubidder *Kurant* steht an der Stadt Ingolstadt an erlaabt de Passante mat engem reguläre Geldschäin een Ëmtausch a Bitcoin. Dofir gi beim Automat eng Rei digital Transaktiounen nogefrot. Mëttlerweil goufen och Appen entwéckelt, déi d'Notze vum Cold Wallet an der Bitcoin-Go-Card vun der *Volksbank* vereinfachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kéinten esou Bitcoinautomaten och hei am Land installéiert an agesat ginn?
    - Falls jo, wat fir Ufuerderunge missten esou Automate respektéieren?
    - Falls nee, wéi eng gesetzlech Basis verbitt dës?

2. An Däitschland hunn d'Sparkassen sech géint den Handel mat Bitcoin an aneren digitale Wärungen entscheet. Huet de Minister Kenntnis vu Banken hei am Land, déi Kryptowärungsautomaten ausschléissen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député